QP 2896

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 24. September 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Um Enn vun der grousser Vakanz hunn dëst Joer op Grond vun der Corona Pandemie net nëmmen Appuiskueren vir d'Schüler aus dem Enseignement Secondaire statt fonnt mee och vir déi aus dem Fondamental. D'Summer School 2020 soll déi Schüler ënnerstëtzen déi schoulesch Retarden opweisen an hinnen erméiglechen dat nozehuelen, dat se duerch de Confinement an der Schoul verpasst hunn.

Aus dëse Grënn wëlle mir folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Am Kader vun der Summer School 2020, wéi vill Kanner ware vun den Enseignant'en proposéiert ginn sech an dës Appuiskueren anzeschreiwen?
- Wéi vill Prozent vun den proposéierten Kanner hunn tatsächlech un den Appuiskueren deelgeholl?
- Wéi vill Kanner hunn am ganzen un den Appuiskueren deelgeholl?
- Fir déi Kanner déi schoulesch Retarden opweisen, accordéiert d'Regierung zousätzlecht Personal vir zousätzlech Appuiskueren ze organiséieren?
- Wann net, wéi sollen dës Retarden opgeschafft ginn?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Françoise Hetto

Deputéiert

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2896 vun den honorabele Deputéierte Martine Hansen a Françoise Hetto**

**Ad 1 & 2)**

Den Enseignant huet fir déi eenzel Coursen, no Evaluatioun vun de Kanner hirer Kompetenzentwécklung an a Récksprooch mat der pedagogescher Equipe, eng Lëscht mat deene Kanner opgestallt, fir déi eng Participatioun um jeeweilege Cours de rattrapage sënnvoll wier. Dorops huet den Enseignant déi concernéiert Eltere kontaktéiert an huet mat hirer Zoustëmmung d'Kand an de Nohëllefscours ageschriwwen. Eréischt no dësem Kontakt tëscht den Elteren an dem Enseignant gouf d'Kand fir de Cours ugemellt, esou datt een dovunner ausgoe kann, datt all d'Kanner an e Cours ageschriwwe goufen, déi vum Enseignant proposéiert gi sinn a wou d'Elteren hiren Accord ginn hunn.

Vu datt tëscht der Inscriptioun vun de Kanner an der tatsächlecher Ëmsetzung vun de Coursë jee no Inscriptioun bis zu 6 Woche louchen, kann et sinn, datt op Grond vu kuerzfristegen Imprevuen an der Famill d'Kand awer net oder net all Dag um Cours de rattrapage deelgeholl huet.

Am Kader vun der *Summer School 2020* hunn insgesamt 4.830 Schüler un de Cours de rattrapage deelgeholl. 4.121 vun dëse Schüler goufe vun hiren Enseignantë proposéiert a weider 709 Kanner goufe vun hiren Eltere fir een Nohëllefscours ugemellt.

**Ad 3)**

Ech verweise bei der Äntwert op dës Fro op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 2568.

**Ad 4 + 5)**

Fir weiderhin den Developpement vun de Schüler hire Kompetenze verstäerkt ze favoriséieren an esou eventuelle Lacunnen, déi wärend dem Confinement entstane sinn, entgéintzewierken, war decidéiert ginn, vu Mëtt November bis zur Fuesvakanz vum Schouljoer 2020/2021 weider Nohëllefscoursen unzebidden. Leider kann dës Offer opgrond vun der aktueller Entwécklung vun den Infektiounszuelen net bäibehale ginn, well e Vermësche vu Schüler aus ënnerschiddleche Klassen évitéiert soll ginn.

Dës Nohëllefscoursë waren allerdéngs nëmmen eng komplementar Offer zum Appui pédagogique, am Kader vun deem d'Enseignanten och aktuell schonns op déi spezifesch Besoine vun de Kanner aginn. Den Appui pédagogique ass eng laangfristeg Mesure, wärend där spezifesch Differenzéierungsmoossnamen am Kader vun enger inklusiver Approche ugebuede ginn, fir datt d'Kanner esou vun enger zousätzlecher Férderung profitéiere kënnen.

D'Enseignanten goufen op en Neits opgefuerdert, besonnesch Récksiicht ze huelen op déi Kanner, déi vun engem zousätzleche Cours de rattrapage profitéiert hätten an se esou gutt et geet ze ënnerstëtzen. Soubal d'Situatioun et erëm erlaabt, wäerte meng Servicer déi néideg Schrëtt an d'Weeër leeën, fir komplementar Differenzéierungsmesuren ëmzesetzen.